N°1459
Entrée le 06.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1459 vum 5. November 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. An der Äntwert op d'Fro 3 ass den Impfstoff COMIRNATY JN.1 30 MICROGRAMS/DOSE DISPERSION FOR INJECTION- ADULTS opgeläscht. Heibäi handelt et sech ëm déi neisten Versioun vun deem Impfstoff. Sinn déi neiste Versiounen automatesch duerch den initiale Kontrakt virgesinn oder ass dat noverhandelt ginn oder sinn dat separat Kontrakter?*

Jo, eng Adaptatioun vun den Impfstoffer op d'Variante vum Virus SARS-CoV-2, déi aktuell circuléieren, ass am Kontrakt (*Purchase Agreement*) tëschent der europäescher Kommissioun a Pfizer/BioNTech virgesinn.

*2. An der Äntwert op d'Fro 4 steet ze liesen: "Ab 2027 gëtt den Approvisionnement u Vaccinen géint Covid-19 am Aklang mat der nationaler Legislatioun iwwer ëffentlech Marchéen duerchgefouert." Wann et ab 2027 soll per Marché Public goen, heescht dat datt et sech fir d'Joren 2024-2026 ëm Montanten handelt, déi u sech e Recours op e Marché Public verlaangt hätten? Wa jo, op Basis vu wéi engen Ausname gouf dovunner derogéiert?*

Den amendéierte Kontrakt (*Purchase Agreement*), geännert duerch Avenanten (*Amendments),* tëschent der europäescher Kommissioun a Pfizer/BioNTech leeft säit 2021, a wäert ouni Ënnerbriechung bis 2026 weiderlafen. De Kontrakt ass op Basis vun der Decisioun "C(2020) 4192 du 18 juin 2020" geholl ginn. Des Decisioun validéiert den Accord tëschent den Etat Membres an der europäescher Kommissioun, sou dass d'Kommissioun am Numm vun den Etat Membres den Impfstoff géint Covid-19 keeft. Dësen Accord baséiert op den Artikel 4(5)(b) "du Règlement (UE) 2016/369 du Conseil du 15 mars 2016 relatif à la fourniture d'une aide d'urgence au sein de l'Union tel qu'amendé par le Règlement (UE) 2020/521 du Conseil du 14 avril 2020 portant activation de l'aide d'urgence en vertu du règlement (UE) 2016/369 et modification des dispositions dudit règlement pour tenir compte de la propagation de la COVID-19".

D'Diskussiounen iwwert de Kontrakt goufen an der parlamentarescher Ufro n° 7925 vum 25. Abrëll 2023 erwähnt.

*3. Amplaz vun der Zerstéierung vu Vaccinen, déi previsibel oflafen, goufen et nach eemol Bestriewunge, Vaccinen un aner Länner ofzetrieden? Wann nee, firwat net? Wa jo, mat wéi enge Länner a wat waren d'Grënn, datt sech dëst net realiséiert huet?*

Mir sinn am permanenten Echange mat internationalen Organisatioune fir prett ze sinn falls eng Demande opkënnt.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez